Lëtzebuerg, den 28te Februar 2020

Communiqué: Gratis ëffentlechen Transport: Jo – Stellenofbau: Nee

D'Pirate stinn zënter 2013 fir d'Aféierung vun engem ëffentlechen Transport ouni Ticket a begréissen dofir d'Mesure ab dem 1te Mäerz de gratis ëffentlechen Transport anzeféieren. D'Ëmsetzung vum gratis Transport däerf awer a kengem Fall zu Schued vum Transportpersonal goen an net zu engem Stellenofbau féieren. No Äusserunge vun der DP op Facebook wëllen d'Pirate vum Minister ee kloert Bekenntnis, dass de gratis ëffentlechen Transport net zu engem Stellenofbau féieren däerf.

Fir eis PIRATEN stellt d'Mobilitéit ee Grondbesoin duer, fir aktiv un der Gesellschaft kënnen deelzehuelen. Fir eis ass den ëffentlechen Transport ee Service, un dem all Bierger an engem Land muss kënnen deelhuelen. D'PIRATEN schwätzen sech schonn zënter Jore fir d'Aféierung vum Gratis Ëffentlechen Transport (GET) aus an ënnerstëtzen aus dësem Grond och de Projet vun dëser Regierung. Mir si frou, dass d'Regierung, no all de Joren voll Widderstand a Kritik, am Joer 2019 eis Fuerderung opgegraff huet an elo endlech ëmsetze wäert. D'Regierung huet agesinn, dass de GET eng wierklech gutt Mesure ass.

Obwuel mir mat der Aféierung vum GET mat der Regierung op enger Linn sinn, si mir awer net domadder averstanen, wéi d'Changementer bei der CFL duerchgefouert ginn, well dës weder am Interessi vum Guichetspersonal, nach vum Client sinn. Et handelt sech an eisen Aen ëm eng reng Spuermoossnam zum Nodeel vum Client an dat obwuel de Minister an der Vergaangenheet ëmmer erëm betount huet, datt et am Kader vum GET zu kenge Spuermesure komme sollt.

Nodeems schonn am Summer 2019 de Minister Bausch annoncéiert huet, dass wéint dem gratis ëffentlechen Transport CFL-Guicheten sollen zougemaacht ginn, huet elo déi demokratesch Partei (DP) op de soziale Medien nach eng Kéier dovunner geschwat, dass den GET duerch d'Ofschafe vun de Kontrollen kompenséiert géif ginn. Implizitt kléngt dat, wéi wann e Käschtenofbau duerch een Ofbau vum Personal geplangt wär.

Et gouf awer bis elo vum Minister behaapt, dass mat der Aféierung vum gratis ëffentlechen Transport keng Persoun hier Aarbecht wäert verléieren. D'Pirate ënnersträiche nach eng Kéier, dass d'Aféierung vum GET op kee Fall duerch ee Stellenofbau däerf kompenséiert ginn. Dës widderspréicht eiser Grondiddi vum ëffentlechen Transport ouni Ticket, wéi mir e schonns zënter 2013 fuerderen.